N°6608
Entrée le 04.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 04.08.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/08/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Finanzen weiderzeleeden.**

Den 22ten Juli huet ee Koalitiounspartner ugekënnegt, dass eng Reduktioun vun der TVA op d'Photovoltaik kënnt. Mengen Informatiounen no ginn et éischt Clienten, déi elo Zweiwel un hirer Commande hunn a léiwer wëlle waarden, bis d'TVA-Reduktioun do ass, fir hir Anlag ze kréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéini plangen d'Ministeren d'Propos vun den 3% TVA op Photovoltaik an de Ministerrot ze bréngen?

2. Wann een Client elo een Devis mat 17% ënnerschreift, an deemno wéi och een deementspriechenden Acompte scho bezuelt huet, kritt en dann déi 3% automatesch esou bal d'Gesetzeslag ugepasst ass?


3. Wann dës 3% TVA da bis applikabel wieren, kënnen d'Leit, déi 17% TVA bezuelt hunn, réckwierkend vun dësen 3% profitéieren, also d'Geld vum Staat zréck kréien? Wa jo, wéi wäit zréck géing dës réckwierkend goen? Wäert d'Regierung d'Reduktioun vun der TVA op 3% réckwierkend maachen, fir ze verhënneren, dass et zu engem Stau un Demanden an Installatioune vu Photovoltaikanlage kënnt, well d'Leit incentivéiert ginn, fir op ee méi bëllege Präis ze waarden?

4. War d'Koalitioun sech bewosst, dass d'Leit duerch d'Ukënnegung vun der TVA-Reduktioun op 3% incentivéiert ginn, mat der Commande vun enger neier Photovoltaikanlag ze waarden?

5. Ass, zënter der Ukënnegung vun der reduzéierter TVA, d'Zuehl vun de Commanden an Transaktiounen um Marché vun de Photovoltaikanlagen erof gaangen? Wéi huet sech d'Demande an de leschten 2 Wochen entwéckelt?

6. Sinn d'Ministeren der Meenung, dass doduerch, dass d'Leit elo mat hire Commandë waarden, aktuell ze vill Zäit verluer geet?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc

Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Finanzministesch Yuriko Backes a vum Här Energieminister Claude Turmes op d'parlamentaresch Fro n°6608 vum 4. August 2022 vum éierbaren Deputéierte Marc Goergen iwwert eng Reduktioun vun der TVA op d'Photovoltaik**

D'Regierung ass am Gaang d'Aféiere vun engem reduzéierten TVA Steiersaz fir Photovoltaikanlagen z'analyséieren.

Falls esou eng Reduktioun sollt kommen, géif de reduzéierte Steiersaz fréistens op den 1. Januar 2023 a Kraaft trieden. Et géif och net zu enger retroaktiver Uwennung vun engem méi nidderegen Taux komme well dat administrativ fir d'Verwaltung zu extrem vill Opwand féiert.

Am Fall wou e Client eng Photovoltaikanlag bestallt huet an op des Commande schonn en Acompte bezuelt huet, ass den Acompte mam normalen TVA Taux berechent ginn. Sollt op den 1. Januar en méi nidderegen TVA Taux a Kraaft trieden an d'Photovoltaikanlag eréischt duerno geliwwert an installéiert ginn, da wär um Rescht vum Präis den nidderegen TVA Taux ze bezuelen.

D'Regierung huet keng Indicen, datt d'Zuel vun de Commanden zréckgaangen ass. D'Handwierksbetriber confirméieren eis, datt den Interesse un der Installatioun vun enger Photovoltaikanlag grouss ass an d'Bierger dobäi ganz oft de Stroum, deen se produzéieren, iwwert Autoconsommatioun selwer notze wëllen.

An dësem Zesummenhang ass och drun ze erënneren, datt zu Lëtzebuerg an engem Mount nach ni esouvill Stroum aus Photovoltaik produzéiert ginn ass, wéi am Mount am Juli 2022.

Lëtzebuerg, de 5. September 2022

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes